N°2596
Entrée le 10.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„ An enger Pressekonferenz vum 11. Juni 2025 huet den Här Inneminister ugekënnegt, datt ufanks 2026 e spezielle Grupp innerhalb vun der Police grand-ducale mat sougenannten „Taser“ ekipéiert géif. Esou wéi et am Koalitiounsaccord 2023-2028 virgesinn ass, sollt en Ekipement vun der Police mat Taser op Basis vun enger Etude evaluéiert ginn.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

1. *Gouf am Virfeld vun dëser Entscheedung eng Etude iwwert de Notzen an de Besoin vun Taser fir d’Police ënnerholl ?*
2. *Falls jo, wat waren d’Resultater vun dëser Etude a gëtt dës Etude och publizéiert ?*
3. *Wéi vill Taser wäerten an enger éischter Phas an den Asaz kommen ?*
4. *Lafen an deem Kontext elo scho Formatiounen an Trainingen, fir dat concernéiert Personal mat deenen néidege Kompetenzen z’ekipéieren ?“*

Mat déiwem Respekt,

Guy ARENDT
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu